N°1112
Entrée le 20.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2024

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 558124
21 AOUT 2024
A traiter par :
Copie à :

Lëtzebuerg, den 19. August 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Déiereschutzorganisatioun FRIDA Asbl huet RTL géint iwwer bekannt ginn, datt et rezent zu Lëtzebuerg zu engem tragesche Virfall koum, wou fënnef Muppen nom Openthalt an enger Déierepensioun gestuerwe sinn. D'Ursaache vun dëse plëtzlechen Doudesfäll si bis dato net bekannt, och wann et heescht, datt d'Hëtzt kéint eng Roll gespillt hunn. D'Modalitéiten, wien autoriséiert ass, esou eng Pensioun ze bedreiwen, fannen sech am Déiereschutzgesetz an iwwerdeems sinn d'Krittären, ewéi een d'Muppen aartgerecht ze halen huet, an engem Règlement grand-ducal vun 2018 fixéiert. Am Kontext vun deem uewe beschriwwenen Incident stellen sech eng ganz Partie froen, ewéi et dozou konnt kommen an op déi entspriechend gesetzlech Dispositiounen och agehalen, respektiv vun den zoustännegen Autoritéite kontrolléiert goufen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär follgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt rezent fënnef Muppen an enger Déierepensioun ëm d'Liewe komm sinn? Gouf an deem Kontext och d'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) ageschalt?
2. Goufen an dëser Affär bis dato eng oder méi Plaintë beim Parquet deposéiert?
3. Huet de Landwirtschaftsministère, respektiv d'ALVA Informatiounen doriwwer, u wat dës Muppe gestuerwe sinn? Goufen an deem Kontext Autopsie bei de verstuerwene Muppen duerchgefouert? Falls jo, zu wéi enger klinescher Diagnostik ass ee komm?
4. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi am Déiereschutzgesetz virgeschriwwen Dispositiounen, fir eng Déierepensioun opzemaachen, am Fall vun dëser spezifescher Déierepensioun agehale goufen? Sinn all entspriechend Krittären, fir d'Muppen aartgerecht kënnen ze versuergen, am Fall vun dëser spezifescher Déierepensioun kontrolléiert ginn? Falls net, firwat goufen hei net déi néideg Kontrollen duerchgefouert?
5. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi am Déiereschutzgesetz virgeschriwwen Dispositiounen, fir eng Déierepensioun opzemaachen, systematesch an ëmmer agehale ginn? Wéi gëtt an deem Zesummenhang kontrolléiert, ob dës Dispositiounen agehale ginn?

**ADR - Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

6. Wéi vill Demanden, fir eng Déierepensioun opzemaachen, goufen dem Landwirtschaftsministère an de Joren 2021, 2022 an 2023 zougeschéckt? Wéi vill vun dësen Demandë goufen accordéiert a wéi vill vun dësen Demande goufe verworf?
7. Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi am Déiereschutzgesetz virgeschriwwen Dispositiounen, fir Muppen an och aner Déierenzorten aartgerecht ze halen, enger reegelméisseger Kontroll ënnerleien? Wa jo, wéi dacks ginn esou Kontrollen duerchgefouert a wéi dacks ass et an de Joren 2021, 2022 an 2023 zu Verstéiss komm? Wéi enger Natur waren dës Verstéiss?
8. Am Hibléck op dee rezente Virfall, wou fënnef Muppen an enger Déierepensioun gestuerwe sinn: Wat gedenkt de Landwirtschaftsministère elo konkret ze ënnerhuelen, fir datt et an Zukunft net méi zu sou Incidente kënnt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vun der Ministesch fir Justiz op d'parlamentaresch Fro n°1112 vum 19. August 2024 vun den éierbaren Deputéierte Madamm Alexandra Schoos an Här Jeff Engelen**

1. **Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt rezent fënnef Muppen an enger Déierepensioun ëm d'Liewe komm sinn? Gouf an deem Kontext och d'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmettelverwaltung (ALVA) ageschalt?**

   Et sinn effektiv fënnef Muppen an enger Déierepensioun am Süde vu Lëtzebuerg em d' Liewe komm. Nodeems d' ALVA doriwwer informéiert gouf, waren d'Veterinärinspekteren direkt op d' Plaz kucken an hunn eng Enquête ageleet.

2. **Goufen an dëser Affär bis dato eng oder méi Plaintë beim Parquet deposéiert?**

   Et goufe véier Plaintë gemaach. D'ALVA schafft an dëser Affär enk mam Parquet zesummen an d' Enquête vun der ALVA gëtt mam Parquet koordinéiert.

3. **Huet de Landwirtschaftsministère, respektiv d'ALVA Informatiounen doriwwer, u wat dës Muppe gestuerwe sinn? Goufen an deem Kontext Autopsie bei de verstuerwene Muppen duerchgefouert? Falls jo, zu wéi enger klinescher Diagnostik ass ee komm?**

   Éischt Ermëttlunge vun der ALVA hunn erginn, dat déi fënnef Hënn an ënnerschiddleche Situatiounen ëm d' Liewe komm wieren, d' Ënnersichunge sinn awer nach net ofgeschloss. Bei der Enquête huet sech erausgestallt, dass véier vun deene fënnef Hënn zum Zäitpunkt vum Ufank vun der Enquête schonn ageäschert waren, bei dem fënneften Hond gëtt eng Autopsie duerchgefouert wou awer nach net all Resultater virleien.

4. **Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi am Déiereschutzgesetz virgeschriwwen Dispositiounen, fir eng Déierepensioun opzemaachen, am Fall vun dëser spezifescher Déierepensioun agehale goufen? Sinn all entspriechend Krittären, fir d'Muppen aartgerecht kënnen ze versuergen, am Fall vun dëser spezifescher Déierepensioun kontrolléiert ginn? Falls net, firwat goufen hei net déi néideg Kontrollen duerchgefouert?**

   Vun der concernéierter Déierepensioun goufen déi virgeschriwwen Dispositiounen net agehalen. Déi besoten Déierepensioun hat net déi nom Artikel 6 vum Déiereschutzgesetz erfuerderlech Autorisatioun vum Landwirtschaftsminister fir hir Tätegkeet däerfen auszeféieren. Der ALVA war

bis zum Zäitpunkt vun deem Virfall net bekannt, dass ob där Adress iwwerhaapt eng Déierepensioun gefouert gëtt.

5. **Kann d'Madamm Minister confirméiren, datt déi am Déierenschutzgesetz virgeschriwwen Dispositiounen, fir eng Déierepensioun opzemaachen, systematesch an ëmmer agehale ginn? Wéi gëtt an deem Zesummenhang kontrolléiert, ob dës Dispositiounen agehale ginn?**

Fir dierfen eng Déierepensioun zu Lëtzebuerg opzemaachen, muss een Dossier bei der ALVA agereecht gi fir ze beleeën, dat d'Konditioune vum Déiereschutzgesetz agehale sinn. An dësem Dossier musse follgend Dokumenter agereecht ginn:

a. Pläng vun den Infrastrukturen a vun den Equipementer;
b. Eng detailléiert Beschreiwung vun den Aktivitéiten;
c. Eng Lëscht vum Personal an d' Confirmatioun vum Deelhuelen un enger Formatioun iwwert d'Konditioune vun der Haltung vun de betreffenden Déieren;
d. Eng Lëscht vun den Déieren-Aarten déi an der Pensioun betreit ginn;
e. Eng Beschreiwung vun de Konditioune wéi d' Déiere gehale ginn.

Réischt wann den Dossier komplett ass, gëtt eng Visitt op der Plaz vun engem Vétérinärinspekter vun der ALVA duerchgefouert fir sécher ze goen, dass déi gefroten Dispositiounen agehale ginn. Wann duerch des Kontroll beluecht ka ginn, datt alles an der Rei ass, kritt d'Déierepensioun eng ministeriell Autorisatioun fir op legaler Basis hier Aktivitéit dierfen duerchzefeieren.

6. **Wéi vill Demanden, fir eng Déierepensioun opzemachen, goufen dem Landwirtschaftsministère an de Joren 2021, 2022 an 2023 zougeschéckt? Wéi vill vun dësen Demandë goufen accordéiert an wéi vill vun dësen Demande goufe verworf?**

Demanden: 2021: 6
2022: 9
2023: 14

All déi Demanden hunn d'Dispositiounen erfëllt a sinn accordéiert ginn.

7. **Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt déi am Déiereschutzgesetz virgeschriwwen Dispositiounen, fir Muppen an och aner Déierenzorten aartgerecht ze halen, enger reegelméisseger Kontroll ënnerleien? Wa jo, wéi dacks ginn esou Kontrollen duerchgefouert a wéi dacks ass et an den Joren 2021, 2022, 2023 zu Verstéiss komm? Wéi enger Natur waren dës Verstéiss?**

Am Kader vum Déiereschutzgesetz gi vun der ALVA permanent Kontrollen duerchgefouert, v.a. am Beräich vun der Déierenhaltung souwuel bei Privatleit, wéi och bei kommerziellen Aktivitéite mat Déiere wéi z.Bsp. bei Déierepensiounen. Esou bal e Verdacht besteet, dass op enger Plaz – an enger Déierepensioun oder a soss enger Haltung – eng Situatioun besteet déi net konform zum Gesetz ass, ginn d'Veterinärinspekteren op d' Plaz eng Kontroll maachen.

Verstéiss: 2021: 30
2022: 28
2023: 41

Bei de Verstéiss handelt et sech an deene meeschte Fäll ëm eng net konform Haltung vun den Déiere wéi net genuch Plaz, Déieren déi ugestréckt sinn oder a Käfeger gehale ginn, Hygiènes-Problemer oder kee Fudder/Waasser op der Plaz.

**8. Am Hibléck op dee rezente Virfall, wou fënnef Muppen an enger Déierepensioun gestuerwe sinn: Wat gedenkt de Landwirtschaftsministère elo konkret ze ënnerhuelen, fir datt et an Zukunft net méi zu esou Incidente kënnt?**

- Sou séier wéi méiglech Publikatioun vun den autoriséierten Déierepensiounen fir de Leit d'Méiglechkeet ze ginn direkt am Virfeld ze kucken ob d'Déierepensioun eng Autorisatioun vum Landwirtschaftsminister huet;
- Revisioun vum Déiereschutzgesetz och am Hibléck op d'Autorisatiounen fir d'Déierepensiounen;
- Méiglechkeet Problemer oder Opfällegkeeten an Déierepensiounen ze mellen: help@deier.lu;
- Kontrollen vun den Déierepensiounen och no der Autorisatioun souwäit de Personalschlëssel et erlaabt.

All Persoun, déi hiert Déier an eng Pensioun wëll ginn, gëtt gerode sech virdrun ze informéieren ob déi Pensioun iwwert déi néideg Autorisatioun vum Landwirtschaftsminister verfüügt a sech d'Autorisatioun gegeebenenfalls och weisen ze loossen. Zousätzlech sollt een sech ëmmer am Virfeld d'Pensioun selwer ukucke goe fir kënnen ofzeweien, ob dee Konzept zum Déier passt oder awer eventuell eng aner Pensioun méi gëeegent ass.

Lëtzebuerg, den 7. Oktober 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN